



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 2. November 2022

Här President,


Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

An der Lescht koum et international an ëmmer méi Muséeën zu Attacken op Konschtwierker, dorënner och ob bekannt Biller vu Kënschtler wéi dem Vincent Van Gogh an dem Johannes Vermeer. Dacks ginn dës Protester vu sougenannte Klimaschützer aus, och wa bis ewell nach net kloer ass, ob wéi eng Manéier der Ëmwelt mat dësen Aktiounen gehollef gëtt.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Kulturminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi reagiert d'Madamm Minister allgemeng op esou Attacken? Kann si an deem Zesummenhang preziséieren ob d'Sécherheitsmoosnamen och an öffentleche Lëtzebuerger Muséeën erhéicht ginn a wa jo, op wéi eng Manéier?
- 2) Kann d'Madamm Minister elaboréieren, wéi eng Konsequenzen si géif zéien, falls sech erausstelle géif, datt esou Attacken och vu Gruppéierungen ausginn, déi vun der Regierung direkt oder indirekt iwwert déi Lëtzebuergesch Pendanten vun internationale Verbänn mat Subsidien ënnerstëtzt ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten